




© caroline graas



FRÉIJOER/PRINTEMPS 2022  
**DE GRÉNGE BUET**  
*Lokalsektioun d'ei gréng Kielen*

# WÉI ENG LÉISUNG fir de Logement

D'Wunnengskris ass net nëmmen zu Lëtzebuerg ee soziale Problem ginn, et ass méttlerweil eng Fro vu sozialer Gerechtegkeet ginn. Logement ass e Grondbedarf fir jiddereen. De Logement hätt ni dierfen en Luxusproduit ginn an nach manner een Objet fir Spekulation.

D'Präisdeierecht um Logementsmarché gëtt zënter Joren duerch steierlech Virdeeler ëmmer weider ugereegt.

Dobäi kënnt nach, dat déi Wunnengen déi zu engem soziale Präis verkaaft goufen, duerno um fräie Marché verkaaft a sou verluergaange sinn. Doduerch hu verschidde Leit zwar e grouss Gewënn gemaach, awer op der anerer Säit sinn all déi Wunnengen der öffentlecher Hand verluer gaangen, wat eng Fatalitéit ass fir d'Resilienz vun den abordablen Wunnengen.

Fir d'Präisdeierecht ze bekämpfen, ass et dréngend op lokalen an nationale Niveau ze handelen. Dofir huet dat neit Instrument vum Pacte Logement eng ganz nei Approche an eng nei Aktiounsstrategie wat d' Baue vun bezuelbare Wunnengen ugeet.

Déi dräi operationell Ziler vum Pacte Logement sinn:

1. bezuelbar (70% vun der Bevëlkerung si viséiert) an nohalteg Wunnengen ze schafen, déi an öffentlecher Hand bleiwen
2. d'Potenzial vun Terrainen a Baulücken auszenotzen mat Hëllef vun de Gemengen. Si kréien dofir e gratis Logementsberoder, de mat hinnen e lokalen Aktiounsplang ausschafft.
3. d'Qualitéit vun de Bauten ze verbessern

Bezuelbare Wunnraum zielt méttlerweil 70% vun der Gesellschaft, déi hei eligibel kéinte sinn fir eng Wunneng ze kréien. Di Wunnengen sollen och nohalteg sinn. Nohalteg am Bau, mat engem minimalen



**SEMIRAY  
AHMEDOVA**

**DEPUTÉIERT**

**PRÄSIDENTIN VUN DER  
LOGEMENT-KOMMISSION  
VUN DER CHAMBRE DES DÉPUTÉS**

Impakt op Ëmwelt an nohalteg fir an der öffentlecher Hand ze bleiwen. Ziel ass et Immobiliespekulation ze vermeiden an d'Resilienz vum Marché ze stärken.

Duerch nei Projete wéi Elmen kënnen nei Konzepter ervirgehewe ginn. Dës Quartieren integréieren d'Prinzipien vun enger Kreeslafwirtschaft, eng nohalteg Entwécklung an der Energieneutralitéit.

Et gëtt mat neie Bauformen geschafft, déi manner Bauland verbrauchen an ökologesch Critèren entsprechen. D'Liewensqualitéit an dese Quartiere gëtt duerch eng Mëschung vu den Funktiounen an duerch eng Berouegung vum Verkéier an de Wunnberäicher garantéiert.

Andeems mer haut genuch an öffentlech a bezuelbare Wunnengen investéieren an déi néideg Steiermoossnamen an d'Wunnengsbäihëllef op d'Been setzen, investéiere mir och an d'Zukunft vun de Jonken an de kommende Generatiounen.

# BUDGET 2022

D'Gemeng Kielen ass an enger neier Phase ukomm, et muss nämlech säit längerer Zäit erëm Soue geléint ginn fir déi geplangte Projeten gestëmmt ze kréien. Et ass esou dass am Joer 2021 18 Milliounen € geléint si ginn an 2022 wäerten 22 Milliounen € muss geléint ginn. Et muss een awer wëssen dass dee läschten Emprunt vun der Gemeng Kielen, deemools 1,5 Milliounen €, aus dem Joer 2011 staamt.

Duerch säi Wuesstum brauch d'Gemeng ënnert anerem nei Schoul-Infrastrukturen. Aleng 2022 ginn dofir 18,5 Milliounen € an d'Hand geholl. Sou entstinn e neit Gebai fir d'Spillschoul zu Kielen an och en zäitgeméisst Schoulgebai a modularer Bauweis, e modernt „Container“-Gebai bei der Zentralschoul zu Kielen. Am Quartier Elmen gëtt och eng grouss nei Schoul mat Maison Relais gebaut. Ufanks sollt ënnert dësem Gebai och eng Sportshal gebaut ginn, wouduercher Dausende Kubikmeter Buedem hätte missen ausgebagert a fortgefouert ginn. D'Gemeng Kielen huet et awer fäerdeg bruecht vun der SNHBM en zousätzlechen Terrain ze kréien fir eng nei Sportshal kënnen ze bauen.

An eisen Aen ass et nach ëmmer net richtig, dass de Buët vun der Gemeng Kielen, dee mat Souen vun der Allgemengheet finanziert gëtt, als Sproochrouer fir 2 Parteien an der Gemeng gëllt. Den Éditorial vum Buët gëtt ëmmer an eenzeg vun

engem Verrieder vun de Majoritéits-Partei geschriwwen, souguer wa se nach net offiziell Member vum Gemengerot sinn, also nach net vereedeegt sinn. D'Oppositious-Parteien ginn do awer komplett op der Säit gelooss.

Iwwert de Budget Extraordinaire, also déi nei Bauten, goufe sech bei den Diskussiounen am Gemengerot wéineg Gedanke gemeet, mee virun allem iwwert d'Dépenses Ordinaires, also déi lafend Käschten vun der Gemeng: fir d'Joer 2022 steet do eng Augmentatioun vu 16,3 % am Budget! Dëst kënn natierlech duerch d'Zeréckbezuelen vun den Emprunts, mee virun allem awer och duerch d'Masse salariale, déi am Joer 2021 ëm 11 % an d'Luucht gaange sinn an och 2022 nach eng Kéier ëm 12 % wäerten an d'Luucht goen. Wann ee bedenkt dass weider Gebaier fir d'Gemeng gebaut ginn (nei Schoul, Maison pour tous, Schwämm a sou weider), da wäerten d'Dépenses Ordinaires do sêcher net erofgoen, mee kloer eropgoen. D'Recettes ordinaires, déi zu knapp 80 % vum Staat kommen, ginn awer net am selwechte Mooss an d'Luucht, mee klammen 2022 ëm gudd 2 %.

Et heescht d'Finzen vun der Gemeng an de nächste Joeren am A behalen, déi nächst Majoritéit vun der Gemeng Kielen no de Wahlen am Summer 2023 wäert keng gréisser Schrëtt méi maache kënnen.



# QUARTIER Existant QE

Vill Terrainen am Bebauungsplang vun der Gemeng Kielen sinn als QE klasséiert. Dëst ass Bauland, wat fäerdeg erschloss ass. Hei besteet e Baurecht, wann de Projet konform zur Partie écrite vum PAG ass.

Ëmmer méi dacks gi Parzellen opgedeelt, fir méi Wunnenge kënnen ze bauen. Bei klengen Projete mécht dat och Sënn, awer nit bei méi groussen an urbanisteschen wichtege Lotissementen, wéi z.B. matten an Ollem, wou eng Parzell opgedeelt gouf fir 11 Haiser ze bauen.

Dëse Morcellement hätt de Gemengerot kënnen refuséieren, an dem Promoteur

eng Procédure PAP proposéieren, duerch déi dem Bierger seng Interesse berécksiichtegt, an d'Gemengekeess entlaascht gi wier. Och kéint an dësem Fall den Artikel 29bis, Logement abordable vum Gesetz vum Aménagement communal geltend gemaach ginn, deen do seet :

*« Pour chaque plan d'aménagement particulier « nouveau quartier », qui prévoit un nombre de logements entre 10 et 25 unités, au moins 10 pour cent de la surface construite brute maximale à dédier au logement sont réservés à la réalisation de logements abordables ».*

Projet zu Ollem am QE

Construction de 11 maisons unifamiliales

40 ANS  
D'WIESENPIRONT

VENTE EXCLUSIVE:

TOP-INVEST  
REAL ESTATE

☎ 333 628-1  
88, rue de Luxembourg  
L-8140 BRIDEL  
[www.wiesen-piront.lu](http://www.wiesen-piront.lu)

WIESENPIRONT  
CONSTRUCTIONS SUR MESURE

# KENG FOTOVOLTAIK zur Säit vun der Strooss

An der Sitzung vum 3. Februar 2022 huet de Gemengerot bei enger Géigestëmm vun eisem Verrieder en Artikel an der Partie écrite vum PAP QE gestëmmt, dee seet :

*«ART. 22 PANNEAUX SOLAIRES L'installation de panneaux solaires (photothermiques et/ou photovoltaïques) est interdite sur la ou les façades donnant sur le domaine public ou la voie desservante. Installés en toiture, les panneaux solaires ne doivent pas être visibles depuis l'espace public. [...]»*

Och wann dësen Artikel nëmmen am „quartier environnement construit“ gëlteg ass, sou si mär iwwerzeegt, dass an enger Zäit, wou ganz Europa, quasi d'ganz Welt, probéiert manner ofhängeg ze gi vun de klasseschen Energieträger a méi gezielt op alternativ Energie ze bauen, wéi Wand- a Sonnenenergie, ass dësen Artikel net zäitgeméiss an einfach onrasonabel. Wann en Daach vun engem Gebai optimal zur Sonn gedréit ass (südlech), sou soll dës gutt Situatioun kënne genotzt gi fir Fotovoltaik ze installéieren, egal ob dës Fläch op eng Strooss oder eng öffentlech Plaz kuckt.

**Photovoltaik zur Säit vun der Strooss,  
déi d'Sonn optimal ausnotzt**



# STAARKREEN IWWER LËTZEBUERG

## *Iwwerschwemmungen an eisen Dierfer*

Bei steigender Temperatur, als Konsequenz vu méi klimaschiedleche Gasen an der Atmosphär, kann d'Loft méi Waasserdamp ophuelen, mam Resultat, dass och méi Reen-waasser eroffält.

No deene schlëmmen Iwwerschwemmungen am Summer 2016 an 2018 huet d'Waasserwirtschaftsamt eng national Staarkreenstrategie ausgeschafft.

<http://kielen.greng.lu/actualites/staarkreen>

an eng Staarkreengeforekaart gouf publizéiert

<http://kielen.greng.lu/actualites/geoportail-staarkreen>

Um Beispill vun der Kaart iwwer Nospelt hu mer festgestallt, dass déi simuléiert Iwwerschwemmungsfläche beandrockend genee de reellen Iwwerschwemmunge vu Mëttwochs, 14. Juli 2021 entsprechen.

### Staarkreengeforekaart iwwer Nospelt



Och wann d'Staarkreengeforekaart net rechtlech ausgewisen ass, ass se nit manner wichtig a weist op Geforen hin déi eis all sollte bewusst sinn. Sou stelle si eng gutt Basis duer, fir verbindlech vun der Gemeng am PAG (plan d'aménagement général) agedroen ze ginn.

Dës Iwwerschwemmungsflächen am PAG wieren eng wäertvoll Warnung fir all besteeënden an zukünftege Bauhär, a fir d'Gemeng wier et eng wichtig Informatioun beim Ausweise vu Bauzonen.

Fir eis ass et eng Illusioun, déi zukünfteg Waassermassen duerch e Kanal ofzeleeden.

Optimal wier et, wann déi Staarkreenwaasser-couloiren( meeschtens Talsohle) géife fräi vu Bebauunge bleiwen. Sollt dat nit méiglech sinn, sou mussen hei spezifesch Virschräfte gëllen, wéi z.B., dass den éischten „niveau habitable“ eng gewëssen Héicht iwwer dem Niveau vun der stäerkster Crue géif leien. Kompensatiounsmoosname kéinte sinn, dass hei méi héich dierft gebaut ginn.

Den Artikel 30 vum Règlement grand-ducal vum 8. Mäerz 2017 betreffend de Contenu vum PAG gëtt de Gemengen d'Méiglechkeet ënner dem Punkt « servitudes d'urbanisation-cours d'eau » den Tal-

weg fräi ze loossen. Do steet: *“en termes de risque de crues subites, il s'avère judicieux de laisser les talwegs libres de toute construction à travers des servitudes”*.

Och d'Ausweisung vun « Notwasserwegen » ass virgesinn : *“Voie d'eau d'urgence : afin de pouvoir évacuer les eaux de surface sans dommage en cas de rares précipitations, des voies d'eau d'urgence devraient être prévues pour les zones prévues de grande ampleur topographique ”*.

Kurzfristeg muss eis Gemeng probéieren d'Aussegebittswaasser scho virun den Dierfer opzefänken (wat elo schonn zum Deel gemeet gëtt ).

Manner Versigelung kann errecht ginn duerch kompakt Bauweisen an d'Uwenne vu rasonnabele Stroossebauprofiller, Gréngdiecher an duerchlässeg Parkflächen ënner anerem.

D'Erkenne vun den Naturgewalten a méi Respekt virun der Natur am Allgemenge kéinten eis hëllefen de Schued a Grenzen ze halen.





## PARKEN am Gemeinsgaart

An der Kopleschterstrooss zu Kielen ass e „projet de morcellement“ gestëmmt ginn, fir eng Résidence mat 6 Appartementer an 1 Eefamilljenhaus ze bauen.

Déi 12 Autoe vun der Résidence ginn hannenaus am Gaart ofgestallt.

Dës bëlleg Léisung bedingt, dass déi nei Bewunner Verkéier virum, wéi och hanner dem Haus, an domadder keng Rou bei der Dier wäerten hunn.

Schlëmmer nach, och déi Leit, déi haut scho riets a lénks vum Projet wunnen, hunn an Zukunft keng Rou méi hanner hiren Haiser.

Dësen ausschliisslech autogerechte Projet ass ouni Bedenke vun der Majoritéit, wéi och vum Vertrieeder vun der DP, gestëmmt ginn.

Mer sinn eis bewosst, dass an Zukunft méi dicht wäert an eiser Gemeng musse gebaut ginn. Een Deel vun deene villen Autoe kéinte méi rationell op engem Sammelparking oder an engem Parkingsgebaai ofgestallt ginn.

**Mir wëllen awer op kee Fall :**

**Verkéier hannert den Haiser !**

*Matmaachen*

Mär siche Leit déi hëllefen ökologesch an innovativ Iwwerleeungen an d'Gemengepolitik anzebréngen.



**déli gréng Kielen**

Tel.: 621 29 03 74  
kielen@greng.lu

[www.greng.lu/kielen](http://www.greng.lu/kielen)  
[www.facebook.com/deigrengkielen](https://www.facebook.com/deigrengkielen)